N° 7126
Entrée le 07.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7126 vum 7. November 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Fro am Zesummenhang mam Parke vun de Regierungsautoen.

Heizou mécht den Artikel 2 vum de Code de la Route am Kontext vum sougenannte “rouende” Verkéier den Ënnerscheed tëschent engem “véhicule arrêté”, engem “véhicule en stationnement” an engem “véhicule parqué”.

De “véhicule arrêté” gëtt esou laang als solche bezeechent, wéi et dauert fir e Passagéier op ze huelen oder eraus ze loossen. Wann den Auto méi laang op dëser Plaz stoe bleift wéi fir een eran oder eraus ze loossen, gëtt vu “stationnement” geschwat, a wann den Auto op engem uerdentlech ausgewisene Parking ofgestallt gëtt handelt et sech em e “véhicule parqué”.

Sou wéi et de Code de la Route et virgesäit, dierfen d’Chauffere vun de Regierungsautoen, souwéi all aner Chaufferen och, iwwerall stoe bleiwe fir hir Passagéieren eran oder eraus ze loossen. Dëst muss dann awer konform mat den Dispositioune vum Artikel 164 vum Code de la Route geschéien.

D‘Verbuet fir an engem Stationéierungsverbuet ze halen, inklusiv den Aschränkungen déi an den Artikelen 165 bis 167 am Code de la Route virgesi sinn, gëllt deemno souwuel fir d’Regierungsautoen, wéi och fir all déi aner Leit am Verkéier.

Lëtzebuerg, de 7. Dezember 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch